

D'MÉISPROOCHEGT GEHIR


Dr. Pascale Engel de Abreu

Universitét Lëtzebuerg, Education, Culture, Cognition and Society Research Unit

Den „kognitive Virdeel“ vun der Méisproochegkeet besteet doranner, dass méisproocheg Kanner a bestëmmte kognitiven Aufgaben, déi déi sougenannten „Exekutivfunktione“ moossen, besser si wéi Kanner, déi nëmmen eng Sprooch schwätzen.


Wat sinn d'Exekutivfunktione?

D'Exekutivfunktione sinn eng Aart Kommandosystem am Gehir, dat eis hëlleft, eist Verhalen an Denken zilgerecht ze steieren. D'Gehir brauch d'Exekutivfunktione, fir kënnen op dat „opzepasst“, wat relevant ass, an onwichtig Informationen auszublenden, fir esou nei Problemer kënnen schnell an effizient ze léisen. An der Schoul hëlleften d'Exekutivfunktione, fir gutt ze léieren. Kanner mat sougenannten „spezifische Léierschwierigkeiten“ hunn dacks Problemer mat hiren Exekutivfunktione. Besonnesch bei Kanner mat engem Opmierksamkeetsdefizit/enger Hyperaktivitéitstéierung (ADHS) schaffen d'Exekutivfunktione net sou gutt wéi bei Kanner ouni dës Stéierung. Dëst féiert derzou, dass sech dës Kanner kënnen impulsiv behuelen an sech nëmme schwéier konzentréiert kréien, well den „Filter“ am Gehir, deen déi relevant vun den onwichtige Saachen trennt, net richtig funktionéiert.



Firwat hu méisproocheg Kanner Virdeeler an den Exekutivfunktione?

Wann e méisproocheg Kand sech an enger vu senger Sproochen ausdréckt, gëtt seng zweet oder drëtt Sprooch automatesch mat aktivéiert. D'Kand brauch dann d'Exekutivfunktione, fir sech op déi relevant Sprooch ze konzentréieren an déi Sproochen, déi an deem Moment net benotzt ginn, „auszuschalten“.




E méisproocheg Kand benotzt seng Exekutivfunktione also indirekt méi wéi e monolingual Kand, well et permanent tëschent verschidde Sproochen muss hin an hier wiesselen. D'Gehir funktionéiert eigentlech ähnlech wéi ee Muskel; wa verschidde Funktione méi benotzt ginn, dann entwéckelen déi sech besser. Well also bei méisproocheg Kanner d'Exekutivfunktione méi mussen schaffen, fir e Sproochekonflikt ze léisen (decidéieren, wat fir e Wuert se a wat fir

enger Sprooch solle gebrauchen), ginn si besser an Aufgaben, wou d'Exekutivfunktione gefrot sinn. Dëse Fait weist, dass d'Méisproochegkeet net nëmme positiv ass fir déi sproochlech a soziokulturell Entwécklung vum Kand, mee dem Kand och wichteg Virdeeler a Gehirfunktione bréngen, déi näischt direkt mat der Sprooch ze dinn hunn, mee déi awer wichteg sinn, fir kënnen nei Saachen ze léieren.

Bréngt d'Méisproochegkeet och nach Virdeeler am Alter?

D'Méisproochegkeet ass eng Aart Gehirtraining, dëst och nach am Alter. D'Gehir ass en „plastesch“ Organ, dat heescht, dass et sech duerch de Gebrauch verännere kann. Obwuel dat beim Erwuessenen net méi grad sou liicht geet wéi bei engem klengen Kand, behält d'Gehir iwwert d'ganzt Liewen eng gewëss „Plastizitéit“. D'Fuerschung weist, dass och erwuesse Leit, déi méi wéi eng Sprooch an hirem Ëmfeld benotzen, wichteg Virdeeler an den



Exekutivfunktione hunn. Ganz nei Etudë weisen, dass sech déi klinesch Symptomer vun Alzheimer bei méisproocheger Leit am Duerchschnitt véier bis fënnf Joer méi spéit weise wéi bei Leit, déi nëmme eng Sprooch benotzen. Et gëtt dervun ausgaang, dass d'Gehir duerch den „Training“, deen et duerch d'Méisproochegkeet kritt, eng „kognitiv Reserve“ an den Exekutivfunktione opbaut, op déi méisproocheger Leit da kënnen zeréckgräifen, wa Problemer mam Gediechtnes, bedéngt duerch den Alzheimer, optauchen. Gediechtnesproblemer kënnen méisproocheger Leit also duerch hir gutt Exekutivfunktione kompenséieren, sou dass d'Symptomer vun Alzheimer méi spéit opfalen, obwuel hiert Gehir eigentlech gläich vill vun Alzheimer befall ass wéi dat vu monolingualer Leit.

Gëtt et eng „kritesch Period“, fir eng Sprooch ze léieren, wou et dono einfach ze spéit ass?

D'Iddi vun enger „kritescher Period“ gëtt et zum Beispill bei verschiddene Villerchersorten. Wann déi d'Lidd vun hirer Aart net bannent den éischter Woche vun hirem Liewen duerch hir Aartgenosse léieren, léieren si et ni méi. Sou eng Zort „kritesch Period“ gëtt et bei der Entwécklung vun der mënschlecher Sprooch net. D'Gehir bleift iwwert d'ganzt Liewe fäeg, fir nei Sproochen ze léieren. D'Dier, fir eng nei Sprooch ze léieren, ass also ni ganz zou. D'Sprooch besteet aus enger ganzer Rei vu Beräicher – zum Beispill der Phonologie, dem Vocabulaire oder der Grammatik –, déi sech all mat ënnerschiddleche Vitessen entwéckelen. D'Léiere vu Sproochlauer zum Beispill geet a jonke



Joere méi einfach. Dofir kënne kleng Kanner dacks eng nei Sprooch ouni Accent léieren, wat Erwuessene schwéier fält. De Vocabulaire ass awer zum Beispill ee Beräich vun der Sprooch, deen iwwert d'ganzt Liewen op bleift. Et kann een also ëmmer nach nei Wieder léieren.

Geet d'Léiere vun enger Sprooch op d'Käschte vun enger anerer?

Et gëtt heiansdo gemengt, de Sproochesystem géing funktionéiere wéi een „Hard Disk“ bei engem Computer, op deem – wa bis voll mat enger Sprooch – keng Plaz méi ass fir eng zweet oder drëtt Sprooch. Dëst ass awer net esou. De Sproochesystem ass ganz flexibel an eist Gehir kann, ënnert de richtege Bedingungen, ouni Problem eng ganz Unzuel vu Sproocher gutt léieren.

Kann d'Méisproochegkeet Kanner duerchernee maachen a souguer Sproochréckstänn verursaachen?

Kanner, déi méisproocheg opwuessen, mëschen d'Sproocher dacks. Si benotzen zum Beispill an engem Satz Wieder aus verschidde Sproocher („*ech si fatigué*“) oder soen den Ufank vum Wuert an enger Sprooch, mee d'Endung an enger anerer („*Wolkão*“). D'Sproocher vermëschen ass awer ganz normal an heescht net, datt d'Kanner hir Sproocher dowéinst verwieselen. Och méisproocheg Erwuessener vermëschen hir Sproocher dacks a Kanner maachen dat genee esou. D'Meilesteng vun der Sproochentwécklung si genee déi selwecht bei engem méisproocheg wéi bei engem monolinguale Kand. Méisproocheg Kanner fänken net méi spéit u mat schwätzen an hir Sprooch entwéckelt sech och net méi lues wéi déi vu Kanner, déi just eng Sprooch schwätzen.

Wéi wichteg ass d'Mammesprooch, wann déi an der Schoul net geléiert gëtt?

Et ass net esou, datt eng Mammesprooch fir ëmmer am Gehir verankert ass just alleng dowéinst, well si déi éischt Sprooch war, déi geléiert gouf. Wann eng Mammesprooch net vill benotzt gëtt, entwéckelt si sech zeréck a kann esouguer ganz verschwannen. Dëst



ass schued, well d'Kand dann net ka vun deene ville Virdeeler, déi d'Méisproochegkeet mat sech bréngt, profitéieren. D'Mammesprooch doheem net méi ze schwätzen, heescht och net, datt dofir engem Kand seng Kompetenzen an de Schoulsproocher onbedéngt besser ginn. Am Géigendeel: D'Fuerschung weist, datt eng zweet oder drëtt Sprooch op d'Mammesprooch kann opbauen. Wann ee seng Mammesprooch also gutt beherrscht, fält et engem dacks méi liicht, fir Friemsproocher ze léieren. Wann awer déi linguistesche Strukturen an der Mammesprooch net richtig gefestegt sinn, ass d'Léiere vun anere Sproocher méi schwéier. Wann ee wëll, datt d'Kanner d'Méiglechkeet hunn, fir hir Mammesprooch bäizebehalen, an een dëst awer an der

Schoul net direkt ka fördern, ass et wichteg, dass d'Kanner keng negativ Astellung zu hirer Mammesprooch entwéckelen an datt d'Elteren och doheem weiderhin de Besoin schafen, d'Mammesprooch ze benotzen.

Ech wënsche mir, datt mäi Kand seng verschidde Sprooche ka fléissend schwätzen. Op wat soll ech oppassen?

D'Kand muss genuch Input a senge verschiddene Sprooche kréien, duerch d'Interaktioun mat Mënschen a net alleng iwwert de Fernseh oder de Computer. Net onbedéngt d'Unzuel vun de Minutten, mee wéi d'Sprooch genotzt gëtt, ass wichteg. Et soll ee regelméisseg an an elaboréierte Sätz mat dem Kand schwätzen, d'Sprooch a verschidde Kontexter benotzen, nolauschteren an d'Kand ëmmer nees derzou opfuederen, sech sproochlech auszedrécken. Zesumme Bicher kucken oder mam Kand liesen, am beschten all Dag, ass eng Aktivitéit, duerch déi een d'Sproochentwécklung bei sengem Kand immens gutt ka fördern. Ganz wichteg, fir kënne fléissend méisproocheg ze ginn, ass, datt e reelle Besoin do ass, fir seng verschidde



Sproochen ze benotzen. Vill Eltere maachen dëst doduerch, datt een Elterendeel konsequent nëmmen eng Sprooch mam Kand schwätzt an deen aneren Elterendeel eng aner (de sougenannten „een Elterendeel/eng Sprooch“-Prinzip). Et ass och gutt, wann ee regelméisseg „monolingual Sproochsituatiounen“ kann opsichen, wou d'Kand sech nëmmen duerch eng vu senge Sprooche ka weiderhëllef. Zum Beispill d'Famill a Frankräich besicht oder mat der Bomi aus Portugal skypen.

Weider Informatiounen zu menger Fuerschung fannt Dir op:

eccs.uni.lu/people/pascale_engel_de_abreu
pascale.engel@uni.lu

Videovortrag „D'méisproochegt Gehir“:

<http://www.youtube.com/watch?v=0T6i-5n1n4s>

Zeechnungen: Ingo Schandeler
Photoen: Carlos Tourinho

